

*de la vache folle dans la future politique agricole luxembourgeoise;*

*- estimant qu'il est du devoir de la Chambre des Députés de participer activement aux discussions portant réforme de la politique agricole et de se donner les moyens nécessaires pour s'informer en détail sur les dimensions de la crise de la vache folle et ses conséquences pour la sécurité alimentaire;*

*décide*

*- d'organiser dans les prochains mois un hearing public sur la politique agricole et la sécurité alimentaire,*

*- d'intégrer les conclusions de ce hearing dans le futur projet de loi portant réforme de la politique agricole.*

*(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad esou wéi d'Energiekris eng Chance ass fir eng nei Energiepolitik, kann d'BSE-Kris eng Chance si fir eng nei Politik am Beräich Liewensmëttelproduktioun. Mir kënnen eis et net erlaben, dës Geleeënhet net mam Schlawéckel ze huelen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här François Biltgen huet d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

## 2. Dépôt d'un projet de loi

**M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications.-** Här President, ech géif gär en neit Dateschutzgesetz deponéieren, dat ech d'nächst Woch an enger Pressekonferenz wäert virstellen:

*- projet de loi 4735 relatif à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel.*

**M. le Président.-** D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Kommunikationsminister François Biltgen.

Als éischten Diskussionsriedner zum Sujet BSE ass den Här Nico Loes agedroen. Den Här Loes huet d'Wuert.

## 3. Heure d'actualité au sujet de l'évolution du dossier ESB après le Conseil des Ministres de l'Agriculture de l'Union européenne (Suite)

**M. Nico Loes (CSV).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun dräi Joer huet de Landwirtschaftsminister Fernand Boden de Modell vun der zukünftiger Landwirtschaft, déi mir an Europa mussen praktizéieren, esou definéiert: „Et muss eng multifunktionell Landwirtschaft sinn, déi flächendeckend an der EU

kann iwwerliewen, déi ëmweltfrëndlech produzéiert, d'Landschaftsbild vun der europäescher Kulturlandschaft erhält, d'Déierenzucht an d'Déierenhaltung am Respekt vun der Regele vum Déiereschutz bedreift a fir de Konsument qualitativ héichwäerteg Nahrungsmëttel produzéiert“.

Et ass dëst a mengen Aen déi Philosophie, déi enger zukünftiger Agrarpolitik soll a muss zu Grond leien. D'BSE-Kris ass awer méi wéi eng Warnung, datt mir müssen ëmdenken. D'BSE-Kris, déi sech schonn Enn den 80er Jore manifestéiert huet, ass en europäesche Problem, deen och eng gemeinsam europäesch Léisung verlaangt. Et kann ee sech elo d'Fro stellen, firwat net schonn zum Zäitpunkt vun deenen éischte BSE-Fäll eng geziilt a koherent Moossnamepolitik an d'A gefaasst ginn ass, fir dëser Krankheet gemeinsam entgéint ze wierken.

Ass et vläicht dofir, well haut vill méi politesche Courage erfuerdert ass, fir an ekologescher a sozialer Zukunfts- a Weltverantwortung Décisiounen ze huelen, géint d'Wësch an d'Erwaardungen vun Interessengruppen, och aus deenen eegene Reien? Dëst ass d'Fro, déi mir eis alleguer musse stellen.

Déi wichtegst Décisiounen, déi de 4. Dezember zu Bréissel getraff goufen, sinn, éischstens, een op sechs Méint begrenzte generelle Verbuet fir d'Verfälschung vu Fleesch- a Knachemiel un all Déieren - hei kann ee sech d'Fro stellen, ob dësen Délai laang genuch ass -, zweetens d'Duerchféiere vum BSE-Test bei allen Déieren, déi méi wéi 30 Méint al sinn, ier se an d'Liewensmëttelkette erakommen, drëtens d'Éliminatioun vun de sougenannte Risikomaterialien, a véiertens ginn all d'Déieren, déi méi wéi 30 Méint al sinn an déi kee BSE-Test hunn, aus der Liewensmëttelkette erausgeholl.

Dës Moossnamen, déi e preventive Charakter hunn an d'Vertraue vum Konsument erëm solle stäerken an zréckgewannen, ginn allgemeng vun der Landwirtschaftskreiser begréisst.

De 26. November hate mer den éischten, bis elo eenzege Fall vu BSE hei zu Lëtzebuerg. Dëse Fall ass an eise Veterinärlaboratoire festgestallt an am Laboratoire vu Weybridge bestäetgt ginn. Et ass dëst eng Kou vu 4½ Joer, déi duerch d'Fiddere vu Kaalwerstater, deen aus der Belsch importéiert gi war, infizéiert war. Den 3. a 4. Dezember sinn all d'Béischten aus dem Betrib geschluecht a verbrannt ginn.

De Lëtzebuurger Landwirtschaftsminister huet hei am Kontext vun der BSE-Krankheet séier an effikass gehandelt.

De Sanitel-System erméiglecht et eis, de Liewenslaf vun engem Béischt genau nozevollzéien, fir esou géint Krankheete kënne virzegoen. Dëse System hate mer schonn 1997 agefouert, deen eis dann elo garantéiert, fir d'Traçabilitéit beim Béischt nozevollzéien. Wann dat fir de Bauer a fir de Metzler gëllt,